Aktivitéits Rapperen si ob Lëtzebuergesch, fir VDL / Subsiden unzefroen.

Aktivitéits Bericht 2017

Regelméisseg Ereegnisser

Mir haten 14 EnnMeetings iwwert Joer verdeelt, an haten 38 oppen Méindeger wou mir eis neien interesséierten Leit virstellen. Desweidern waren mir mat 3 Presseartikelen am Joer 2017 vertrueden.

Februar

Mir waren mat dem Chaos Computer Club Lëtzebuerg A.S.B.L. op't FOSDEM (Konferenz iwwer oppen Software) zu Bréissel.

März

Mir hunn bei EDRi eng Observer Applikatioun eran gereecht, di och akzeptéiert gouf. FVDE sinn elo offiziell Member an der EDRi Famill.

Mee

Mir waren op't No Spy Konferenz zu Stuttgart. Do hunn mir een Virtrag iwwer Anonymitéit am Internet gehalen.

Juni

Mir waren op´t Spark-Up Night vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg, A.S.B.L. Een Info Event vun Memberen fir Memberen zum Thema programméier Couren.

August

Vum 31 Juli bis den 5 August waren mir um zweeten [h]ackyard, een eegestännegen Camp am Fräien organiséiert vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg A.S.B.L. Hei huet een Informatiounsaustausch mat aneren Organisatiounen statt fonnt.

Oktober

- Mir waren op't Big Brother Awards op Bréissel wou Leit respektiv Firmen een negativ Award fir hier Privatsphärinvasiv-haltung kréien. Do hu mir eisen éischten Kontakt mat der Belscher Liga fir Mënscherechter etabléiert.
- Mir waren op der Hack.lu mat engem Stand vertrueden (eng Informatiounssécherheets Konferenz zu Dummeldeng).

- Mir kruten 2 Tor Exit nodes vun FlokiNet gesponsert.

Dezember

- Routwäissgro Avant-Première - Den Documentaire “routwäissgro /@hack.lu”, iwwert den Chaos Computer Club Lëtzebuerg, A.S.B.L., ass veröffentlech ginn.
- Clubausfluch ob Leipzig zum 34ten “Chaos Communication Congress” organiséiert vum Chaos Computer Club Däitschland wou sech all Joer europawäit d'Chaosfamill trëfft. (Lëtzebuerg, Däitschland, Schwäiz, Éisträich)

From:
http://qzz2cvotstk357oj.onion/ - **Frënn vun der Ënn A.S.B.L.**

Permanent link:
http://qzz2cvotstk357oj.onion/doku.php?id=organization:ga:activity-report-2017

Last update: **2018/02/23 22:43**